ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 12/01/2026

Rapport vun der Jugendkommissioun

Kommissioun (04.12.2025)

Presenzen

Present	Net present
Noah Edert (online) Lara Georges (online) Lynn Mangen (online) Marie Sadler (online) Leo Toum (online) Rosie Brandenburger (online) Frank Conrad (online) Jordan Pires (online) Jyll Duschinger (online) Samantha Fernandez (online)	Aloyse Kieffer (entschëllegt)

1. Feedback OpenAir Kino, Kürbisschnitzen 2025 & OpenAir Kino 2026

- Et gëtt virgeschloen, e Roulement anzeféieren, fir d'Präsenz vun de Memberen aus der Jugendkommissioun op de verschiddenen Eventer ze garantéieren.
- Et gëtt diskutéiert, d' Event Kürbisschnëtzen un eng Associatioun aus der Gemeng oder eventuell un d'Elterevertriedung ofzeginn. Et gëtt festgehalen, datt dës Acteuren dozou kontaktéiert ginn.

Helperknapp, 12/01/2026

- Eng Demande un d'Gemeng ass follgend: een offiziellen Opruff un d'Veräiner an d'Elterevertriedung ze lancéieren.
- Et gëtt festgehalen, datt et bedauerlech ass, wann den Open-Air Kino wéinst dem Wieder annuléiert muss ginn, besonnesch well dëst Event mat héije Käschte verbonnen ass.
- Et gëtt proposéiert, d'Wiederkonditioune schonn eng Woch am Viraus méi genee ze suivéieren, fir am Fall vun enger fréizäiteger Annulatioun nëmmen en Deel (ongeféier d'Hallschent) vun de Käschten ze hunn.
- Den Devis vun der Firma Sunset Movie Nights 2026 gëtt zesumme gekuckt an diskutéiert.
- D'Marie Sadler hëlt Kontakt mat der Firma Sunset Cinema op, fir nozefroen, ob et méiglech ass, e Devis ouni de Package „Sunset Experience" ze kréien.
- Et gëtt festgehalen, datt d'Filmowender fir Kanner an der Vergaangenheet ëmmer gutt besicht waren. Et gëtt dofir diskutéiert, an Zukunft zwee Owender mat Kannerfilmer unzebidden.
- Et gëtt decidéiert, den Open-Air Kino net méi am Mount September ze organiséieren.
- D'Firma Sunset Cinema huet fir 2026 nëmmen nach de Weekend vum 10. bis 11. Juli als fräi Disponibilitéit.
- D'Marie Sadler freet bei engem Member vum Club vun de Bricher Suebelsmouken no, wéini hire geplangten Horrortrip am Juli stattfënnt.
- Am Fall, wou de Club des Jeunes säin Event um selwechte Weekend organiséiert, soll bei Sunset Cinema nogefrot ginn, ob och en Devis fir en Event ënnert der Woch (Donneschdes oder Freides) méiglech ass.
- D'Filmer vun der Firma Sunset Cinema d'Filmer fänken eréischt géint 21:45 Auer un.
- D'Lynn Mangen an de Frank Conrad huelen d'Thema Open-Air Kino an de Gemengerot mat.

2. Divers

- D'Lynn Mangen deelt mat der Jugendkommissioun Informatiounen iwwer de Projet „Closer App", deen hat an der Versammlung vum LEADER presentéiert krut.
- De Projet „Closer App" ass en LEADER-Projet, deen d'Zil huet, Jonker a Jugendhaiser besser mateneen ze vernetzen.
- Iwwert d'Closer App soll och e Jugendbus zur Verfügung gestallt ginn. All Gemeng kritt eng bestëmmten Unzuel u Plagen, fir dëse Bus ze reservéieren.
- De Projet soll am kommende Joer vum LEADER zesumme mat de Gemengen offiziell presentéiert ginn.
- D'Haaptzil vum Projet ass et, de Jonken d'Jugendhaiser méi no ze bréngen an d'Notzung dovunner ze förderen.
- D'Lynn Mangen freet beim Sarah Mattieu no, ob si bereet wier, un enger Versammlung deelzehuelen.
- An all Gemeng solle Sharing-Boxen installéiert ginn, an deenen Objeten zur Verfügung gestallt ginn, déi vun de Jugendlechen ausgeléint kënne ginn.

Helperknapp, 12/01/2026

- D'Marie Sadler gouf am Numm vun der Jugendkommissioun ugefrot fir e Raum ze organiséieren, an deem Studenten aus der Gemeng zesumme kënne léieren.
- Et gëtt festgehalen, datt d'Studente fir de Moment op d'Bibliothéiken zeréckgräife kënnen. Sollten an Zukunft weider Demanden erakommen, kann dëst Thema nach eng Kéier nei evaluéiert ginn.
- D'Jugendkommissioun äussert de Wonsch, an Zukunft méi dacks ëm hiren Avis bei Projeten an der Gemeng gefrot ze ginn